# 1878 - 1941

## Meeschterfotograf vu Miersch



# EDMOND HANSEN

Edmond Hansen, en Meeschterfotograf vu Miersch, dee wärend 40 Joer als professionelle Fotograf dat fréiert Miersch fotografesch dokumentéiert huet, an zum Deel a Vergiessenheet geroden ass.

Zu Miersch, vis-à-vis vun der Kierch, ass hien 1878, am Haus genannt „a Bosquet“, op d’Welt komm. No senger Léier als Fotograf huet de Boski sech an sengem Gebuertshaus als Fotograf niddergelooss. Hien hat säin Atelier no an no op 3 Plazen, bis hie sech eng Wunneng mat Atelier a Geschäftslokal op der Arelerstrooss konnt leeschten.

Hie war Fotograf, awer och Textschreiwer, Museker, Regisseur a Schauspiller an enger Persoun.

D‘Mierscher Geschichtsfrënn erënneren mat döser Ausstellung un ee Mierscher, deen am ganze Land als Fotograf vill gefrot war. An enger ganzer Rei vu Publikatiounen hu seng Fotoen d’Illustratiounen zu den Texter geliwwert.

Dat „aalt Miersch“, vun 1900 bis 1940, ass eis virun allem durch seng Fotoen an Erënnerung bliwwen.